PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Aktualitéitsstonn zum Pouvoir d'achat

Lëtzebuerg, , den 10/02/2022

Motioun

D’Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Aner EU-Staaten hu Moossnamen agraff, fir spezifesch géint d'Präisentwécklung beim Stroum, Gas a Pëtrol virzegoen. Esou huet Frankräich eng Tarfibrems fir Gas a Stroum ugekënnegt an Italien wëll de Leit duerch Steiersenkungen hëllefen;
- De Präis vum Naturgas ass vum 1te Juli 2021 bis den 1ten Februar 2022 ëm ronn 110% geklommen;
- D'TVA ass domat ëm 3,76 Cent pro Meter Cube fir de Konsument geklommen;
- De Staat hat domat 2021 ee Plus un TVA-Einnamen a wäert, wann d'Präisser sech net erëm berouegen, dëse Plus och 2022 hunn.

Aus dëse Grënn invitéiert d’Chamber vun den Deputéierten d’Regierung:

1. de Staat dësen Iwwerschoss un Einnamen un TVA, dee säit dem 1ten Juli 2021 entstanen ass, a Form vun enger Aide un d'Gaskonsummenten zréck ze bezuelen.